



**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7716 vum 7. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*A wéi ville Fäll, opgeschlësselt no Joer a Grond, huet de Ministère zanter 2018 eng autorisation d'exercer oferkannt?*

Opschlësslung no Joer wou eng autorisation d'exercer huet missen oferkannt ginn:

<b>2018</b>	/
<b>2019</b>	/
<b>2020</b>	/
<b>2021</b>	/
<b>2022</b>	1 Retrait 1 Suspensioun
<b>2023</b>	1 Suspensioun

*Wéi laang dauert esou eng Prozedur an der Moyenne?*

*Ass d'Madamm Ministesch zefridde mat dëse Prozeduren? Falls nee, wat géif Sie proposéieren z'änneren?*

Laut dem Artikel 15 vum ofgeännerten Gesetz vum 29. Abrëll 1983 iwwer Medeziner, Zännmedeziner an Veterinär-Medeziner, kann eng Suspensioun oder den Retrait vun enger autorisation d'exercer gemaach ginn wann den Dokter déi gesetzlech Conditionen fir eng Autorisatioun ze kréien, net méi erfëllt. Den Minister deen d'Gesondheet an sengen Attributiounen huet, hellt déi Décisioun nodeems en den Avis vum Collège médical gefrot huet.<sup>1</sup>

Ënner anerem gesäit den Artikel 16 (2) vum vir zitéierten Gesetz vum 29. Abrëll 1983 eng Prozedur fir, wou den Minister, deen Gesondheet an sengen Attributiounen huet, mat direktem Effekt kann eng autorisation d'exercer oferkennen, dëst virleefeg an fir eng Dauer vun maximal 3 Méint.

Den Gesondheetsministère kann net präzis op d'Fro äntweren, wéi laang déi beschriwwen Prozedur dauert well dat vun engem Dossier zum aneren variéiert. Dat hänkt z.B. och dovun of,

<sup>1</sup> Loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire, article 18



ob den concernéierten Dokter zu deem Zäitpunkt nach op eisem Territoire exerzéiert oder net, respektiv erreecht kann ginn. Wann dat den Fall ass, kënt nach eng Convocatioun beim Collège médical dobäi.

An der Regel, wann dem Gesondheitsministère bis eng rechtskräfteg an definitiv Veruerteelung aus engem aneren EU-Memberstaat virläit, kann déi gesetzlech Prozedur awer kuerzfristeg ofgewéckelt ginn.

Fir dat sou eng rechtskräfteg an definitiv Veruerteelung dem Gesondheitsministère sou schnell wéi méiglech bekannt ass an dono eppes zu Lëtzebuerg ënnerholl kann ginn, ass et wichteg dat déi europäesch Austauschplateforme "IMI" (*Système d'information du marché intérieur*) einwandfrei fonctionnéiert. Dës Plateforme verfügt iwwert en Outil "IMI-Alerte". Am Fall vun enger Veruerteelung oder enger Aktivitéit déi méiglecherweis e Risiko fir d' Gesondheet an d'Sécherheet vun den Patienten duerstellt, kann dëst iwwert den Alarmmechanismus vum Memberstaat wou den Dokter praktizéiert, un Memberstaten vun der EU notifiéiert ginn.

D'Servicer vum Gesondheitsministère verfollegen dës Notifikatiounen an sinn och an den Aarbechtsgruppen op europäeschem Plang vertraueden fir d'Evolutiounen vun der Plateforme „IMI“ ze suivéieren.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert